N°7970
Entrée le 05.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson a vum Minister fir Tourismus Lex Delles op d'parlamentaresch Fro n° 7970 vum 8. Mee 2023 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

De "Guttland.trail" Mamerleeë - ee vun de ville Qualitéitsproduiten am Wandertourismus déi an der Regioun Guttland ze fanne sinn – gëtt aktiv vun der Regioun promouvéiert. Fir d'Mamerleeën u sech an déi verschidden Hiele ronderëm gëtt weder vun der Generaldirektioun vum Tourismus, nach vun der Regioun Guttland aktuell Reklamm gemaach.

Wéi all Guttland.trail berécksiichtegt och dëse Wanderwee all d'europäesch Qualitéits- a Sécherheetsoplagen déi mussen erfëllt si fir den Numm vun enger "Leading Quality Region" droen ze däerfen, inklusiv enger spezifescher Beschëlderung.

2015 hat de Centre national de recherche archéologique (haut Institut national de recherches archéologiques – INRA) präventiv eng visuell Analys vum Site duerch säi Service de géologie gemaach. Dës Analys huet op verschiddene Plazen en erhéichte Sëcherheetsrisiko fir d'Ëffentlechkeet constatéiert, notamment am Beräich vun de „Salles Grégoire", déi riskéieren anzebriechen. Vu datt déi ugeschwaten Hielen an déi verbonne Sécherheets- a Sécherungsmoossname op der Proprietéit an domat och an der Kompetenz vun der Gemeng Miersch leien, hat de CNRA der Gemeng 2015 per Courrier recommandéiert dësen Deel vum Site fir d'Ëffentlechkeet ze spären.

Den ugeschwate Wanderwee verleeft zwar an der noer Ëmgéigend vun de Mamerleeën, awer net direkt laanscht potenziell Geforequellen. Zu kengem Moment féiert ee Wee duerch eng Hiel oder gëtt de Wanderer opgefuerdert sech an eng Hiel ze beginn.

De Guttland.trail Mamerleeën ass en Aushängeschëld fir déi ganz Regioun an eist Land a gëtt proaktiv vun der Regioun Guttland, der Generaldirektioun vum Tourismus an dem Luxembourg for Tourism esouwuehl am Inland wei och am Ausland promouvéiert, dëst op Printmaterial wéi Kaarten an awer och um Site an op der App vu visitluxembourg.com, den digitale Guide fir all Tourist zu Lëtzebuerg, egal op een hei wunnt oder net. All d'Informatiounen zu Guttland.trail Mamerleeën an all anere Lëtzebuerger Qualitéitsproduiten am Tourismus fënnt een hei flott gebündelt op enger Platz.

Wann een de Site vun de Mamerleeën also a voller Sécherheet entdecke wëll kann engem nëmmen un d'Häerz geluecht ginn sech op de Guttland.Trail Mamerleeën ze beginn. Et ass awer ze bemierken dass d'Wanderen an der Natur op eege Gefor bleift, esou wéi dat nach ëmmer de Fall war.

Lëtzebuerg, den 05/06/2023.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson